PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM

Eis Aktivitéiten vum 02 Februar 2026 bis den 09 Mäerz 2026



Méindeg, den 02 Februar 2026 um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO-Talk Splash Fotoen

Jidderee ka 4 Fotoen zum Thema Splash (Fotoen aus eisem WS vum 19 Januar) a 4 Fotoe Sujet libre ofginn. Ween keng Fotoen zum Sujet imposé huet kann och 8 Fotoen am Sujet libre matbréngen

Fotoen iwert de Formular deen dir um pcgs.lu fannt erop lueden !!
Nëmmen déi Fotoen déi iwwert de Formular bis Sonndeg owes erop geluede ginn, kënne gewise ginn. Méindes gi keng Fotoe mei ugeholl.

Méindeg, den 09 Februar 2026 am Cactus Bascharage + an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Cactus : Expo ophänken + Workshop Waasser-Wolleken

Eis flott Expo geet fir eng Woch an de Cactus op Bascharage, de Paul a seng fläisseg Equipe hänken eisen « Salon d'Auteurs» am Laf vum Dag am Cactus op, an Owes treffe mir eis wei gewinnt am Club um 19:30.
Eisen Aquarium kennt erëm an den Asaz, mir experimentéieren zesumme fir Waasser-Wolleken ze fotografféieren.

Méindeg, den 16 Februar 2026 um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Table top Schrauwen Skyline

Mat kreativen Elementer wéi Neel a Schrauwe baue mir op enger Plexiglas Plaque eng Skyline. Mat enger flotter Bildkompositioun bei der Obnahm a Bild-Beaarbechtung duerno kreéiere mir eng Fantasie-Staat.
Fotoapparat, Stativ a Kabelausléiser onbedéngt matbréngen.

Freides den 20 Februar 2026 um 19:00 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Assemblée générale PCGS 2026

Detailer an Invitatiounen zou eiser Generalversammlung schécke mir sou séier wéi méiglech u Memberen a Vertrieder vun der Gemeng.
No der A.G. géife mir gemittlech zesummen iesse goen, och dozou kritt dir Detailer geschéckt.

Méindeg, den 23 Februar 2026 um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Këschte-Projet

Nodeems mir schonn 2 Owender geplangt, gebaut a fotografféiert hunn, geet eis Clubarbecht haut an déi nächst Phase mat enger neier Serie Obnahmen.

Méindeg, den 02 Mäerz 2026 um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO-Talk Detailer vun Auto'en

Wee keng Fotoen zum Sujet imposé huet kann och 8 Fotoen am Sujet libre matbréngen

Fotoen iwert de Formular deen dir um pcgs.lu fannt erop lueden !!

Nëmmen déi Fotoen déi iwwert de Formular bis Sonndeg owes erop geluede ginn, kënne gewise ginn. Méindes gi keng Fotoe mei ugeholl.

Méindeg, den 09 Mäerz 2026 um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO-Shooting mat Model Style Rockabilly

E Rockabilly-Fotoshooting ass eng Rees zréck an d'Zäit an déi rebellesch 50er a 60er Joren.

Sus coordonéiert de Shooting mam Model, mais bréngt och där gären är Accessoirë mat, déi d'Ära zum Liewe bréngen, wéi Petticoats, Brëller, Schmuck...etc